Par Parc Our Saint-Nicolas



Foto: Michael Tillmann

Parbréif Nr 7/2026

vum 24. Oktober – 29. November 2026

Par Parc Our Saint-Nicolas

Martinsfeier zu Housen

Sonndeg, den 15. November 2026

Um 17:00 Auer ass eis Martinsfeier zu Housen an der Kierch
mat Martinsgeschicht, Martins-Cortège
an Deelen vum Martinsbrout.

Denkt w.e.g. drunn, dass är Kanner
hire Lampion matbrengen.



Dëst Joer ënnerstëtze mir d'Leit vun der Strooss,
a sammelen dofir Schlofsäck, Matten, Händschen,
Schalen a Schong, an och d'Duen,
déi eis Massendénger sammelen, gi gespent.

Matdeelungen

Parbüro – kuerz Notiz:

Eise Parbüro zu Veianen ass weiderhin fir déi nächst Méint wéinst deem grousse Chantier op der Plaz virdru ganz schwéier zougänglech. Dir hutt besser ze telefonéieren oder Är Uleies per Mail op parc-our@cathol-lu ze schreiwen.

Firmvirbereedung an der Par

Vun Oktober 2026 bis Juni 2027 bidde mir eng Firmvirbereedung fir Jugendlecher an Erwuessener ab 15 Joer un. D'Firmung ass Freides, de 25. Juni 2027. Déi interesséiert sinn, sollen sech am Parbüro mellen.

Detailer fannt Dir um Flyer.

Préparation à la confirmation

D'octobre 2026 à juin 2027 nous offrons une préparation à la confirmation dans notre paroisse pour les adolescents et les adultes à partir de 15 ans. La confirmation sera le vendredi 25 juin 2027. Ceux et celles qui sont intéressé(e)s peuvent s'inscrire au secrétariat paroissial.

Vous trouverez plus de détails sur le dépliant.

Concert vun der Kammerata Luxembourg
an der Trinitarierkierch zu Veianen den 30. Oktober 2026

E Freideg den 30. Oktober 2026 um 20:00 Auer huet d'Kammerata Luxembourg am Kader vun de Musicdays zu Veianen e Concert zu Veianen an der Trinitarierkierch organiséiert.

Detailer fannt Dir um Flyer.

Halloween-Owend
zu Stolzebuerg an der Kierch den 31. Oktober 2026

E Samschdeg de 31. Oktober 2026 um 20h00 invitéiert Iech d´Kultur-kommissioun an der Kierch zu Stolzebuerg op een Halloween-Owend.

De Vokalquartett „Hoquetus Ensemble“ an d'Männervokalgrupp „La Confrérie du chant traditionnel au Luxembourg“ presentéieren Lidder iwwer Doudeg an Stierwend, Gespenster a Griewer, Skeletter, Begriefnisser, Abschieder an aner entscheedend frësch Themen. Vum Onheemleche bis zum Absurde!

En Halloween-Owend mat Musek, Mystère a makaberem Humor.

„Klenge Chrëschtmaart an der Nikloskierch“

zu Veianen de 4. a 5. November 2026

De Samuel Alves, d'Francisca Chaves an d'Lea Nevena invitéieren Iech op hire „Klenge Chrëschtmaart an der Nikloskierch“ zu folgenden Auerzäiten:

4. November (Mëttwoch)	13.00h – 19.30h
5. November (Donneschden)	13.00h – 19.30h

Willibrordus-Oktav 2026

an der Basilika zu Iechternach

Vum 6. bis den 15. November 2026 ass nees zu Iechternach déi traditionell Willibrordus-Oktav.

Eise Pilgerdag fir den Dekanat Norden ass en Donneschdeg, den 12. November 2026, wou d'Pilgermass um 15.30 Auer gefeiert gëtt.

Detailer fannt Dir um Flyer.

Martinsfeier

Sonndeg, den 15. November 2026 zu Housen an der Kierch

E Sonndeg den 15. November 2026 um 17:00 Auer feiere mir mat de Kanner aus der Par den hellege St. Martin.

Nom Wuertgottesdéngscht mat der Martinsgeschicht ass e Lampionsëmzuch an dono gëtt d'Martinsbrout ausgedeelt.

Denkt w.e.g. drun, dass är Kanner hire Lampion matbréngen

Dest Joer ënnerstetze mir Obdachlose, an sammelen dofir Schlofsäck, Matten, Händchen, Schalen a Schong.

ODO SONORITAS

Mëttwoch, den 18. November 2026 zu Stolzebuerg

E Mëttwoch, den 18. November 2026 feiere mir de ODO SONORITAS mat engem ëmfangräiche Programm an der Stolzebuerger Odokierch.

Adventsmaart vun de Fraen a Mammen Veinen

vum 20. – 22. November 2026

De Weekend vum 20. – 22. November 2026 organiséieren d'Fraen a Mammen vun Veianen hire traditionelle Adventsmaart am aale Pompjesbau op der Gare.

Detailer fannt Dir um Flyer.

Barock-Concert

den 22. November 2026 an der Kapell St. Marc zu Longsdref

E Sonndeg de 22. November 2026 um 16:00 Auer invitéiert Iech den Ensembel vun der Chapelle St. Marc op hire Barock-Concert an der Kapell St. Marc zu Longsdref.



Foto: BuH/picture alliance/Foto Huebner

„Wahrlich, wahrlich, ich sage euch: Wer mein Wort hört und glaubt dem, der mich gesandt hat, der hat das ewige Leben und kommt nicht in das Gericht, sondern er ist vom Tode zum Leben hindurchgedrungen." Wahrlich, wahrlich, ich sage euch. Was Jesus sagt, kann man als Drohwort hören: Wehe, wenn du nicht glaubst. Man kann es aber auch als Trostwort hören. Wahrlich, ich sage euch. Das ist ein Wort, das euch herausholen will aus der Todeszone. Schon jetzt, in diesem Leben; nicht erst irgendwann. Schon jetzt, schon hier und heute kannst du ins Leben finden. Wer in Jesus Gott reden hört und ihm vertraut, muss sich nicht mehr fürchten; braucht keine Angst zu haben vor einem vernichtenden Urteil. Kann vertrauen, dass der erste Schritt ins Leben schon getan ist.

Zesummen ënnerwee fir eng lieweg Par

Réckbléck op d'Porversammlung vum 30. September 2026 zu Mierschent.

„Wat kann ech dozou bäidroen, datt méi Liewen an eis Par kënnt?“ Ënnert dëser Fro sinn eng 70 Leit an der Kierch zu Mierschent zesummekomm. Am Numm vun der ganzer Equipe soe mir jidderengem e grousse Merci fir déi aktiv an engagéiert Bedeelegung.

Dës Versammlung war en éischte wichtege Schrëtt um Wee zu enger synodale Kierch – enger Kierch, an där mir eis géigesäiteg nolauschteren, zesumme beroden a Verantwortung iwwerhuelen. Eis Gesellschaft, d'Politik an d'finanziell Méiglechkeete verännere sech. Gläichzäiteg ginn et ëmmer manner Gleeweger a manner Leit, déi sech fir e geeschtleche Beruff entscheeden. Dat stellt eis Par viru grouss Erausfuerderungen.

No engem gemeinsame Gebiet zum Hellege Geescht hunn d'Participanten a klenge Gruppen doriwwer geschwat, wat eis grouss Par brauch a wat jidderee selwer dozou bäidroe kann. Och perséinlech Uleies, Suergen an Hoffnungen haten hir Plaz. Dobäi goung et am Ufank virun allem drëm, een deem aneren nozelauschteren, ouni ze jugéieren.

Et ass däitlech ginn, datt et ënnerschiddlech, zum Deel souguer géigesätzlech Virstellunge gëtt. Elo geet et drëm, am géigesäitege Respekt doriwwer am Gespréich ze bleiwen an no gemeinsame Weeër ze sichen. Dobäi musse mir eis bewosst sinn, datt net all Wonsch kann erfëllt ginn.

Besonnesch déi grouss Bereetschaft sech anzesetzen mécht Mutt. Vill Leit hu gewisen, datt si mat hire Fäegkeeten an hire Méiglechkeeten aktiv wëlle matschaffen, d'Liewen an eiser Par ze gestalten. Dat mécht eis Courage a gëtt eis Hoffnung! Dofir soe mir Gott an alle Bedeelegte vun Häerze Merci.

Ier mir zesummen déi éischt kleng, awer wichteg Schrëtt maachen, si mir all invitéiert, eis perséinlech ze froen:

Wat bedeit et fir mech, Chrëscht ze sinn? Wéi liewen ech mäi Glawen am Alldag?

Aus dëser Haltung vum Glawen eraus soll eisen Asaz wuessen. Sief et duerch d'Gebiet, duerch eng aktiv fräiwëlleg Mataarbecht fir eng kloer begrenzten Zäit, duerch finanziell Ënnerstëtzung oder op eng aner Manéier: All Bäitrag ass wäertvoll.

Loosse mir am Gespréich matenee bleiwen, am Gebiet verbonne sinn an oppe bleiwen fir d'Wierke vum Hellege Geescht. Well eng lieweg Par entsteet do, wou d'Mënschen hire Glawen matenee deelen a Verantwortung fireneen iwwerhuelen. Eng Invitatioun fir den nächste Schrëtt kënnt geschwënn a gëtt rechtzäiteg bekannt gemaach.

Am Numm vum ganze Parteem

Ensemble sur le chemin d'une paroisse vivante

Retour sur l'assemblée paroissiale du 30 septembre 2026 à Merscheid.

« Que puis-je faire pour rendre notre paroisse plus vivante ? » C'est autour de cette question qu'environ 70 personnes se sont réunies dans l'église de Merscheid. Au nom de toute l'équipe paroissiale, nous remercions chaleureusement toutes les personnes présentes pour leur participation active et leur engagement.

Cette assemblée a été une première étape importante vers une Église synodale – une Église dans laquelle nous nous écoutons, réfléchissons ensemble et partageons les responsabilités. Face aux changements de notre société, de la situation politique et des moyens financiers, ainsi qu'à la diminution du nombre de fidèles et de vocations, notre paroisse doit relever de grands défis.

Après une prière commune à l'Esprit Saint, les participants ont échangé en petits groupes sur les besoins de notre grande paroisse et sur ce que chacun peut apporter. Les préoccupations personnelles, les inquiétudes et les espoirs ont également trouvé leur place. Il s'agissait avant tout de s'écouter les uns les autres, sans porter de jugement.

Des idées différentes, parfois même opposées, ont été exprimées. Il faudra maintenant chercher à les rapprocher dans un dialogue respectueux, tout en sachant que tous les souhaits ne pourront pas être réalisés.

Ce qui nous a particulièrement encouragés, c'est la grande volonté de participer. Beaucoup de personnes ont exprimé leur désir de contribuer activement à la vie paroissiale, selon leurs talents et leurs possibilités. Cela nous donne du courage et de l'espoir ! Nous en remercions de tout cœur Dieu et toutes les personnes engagées.

Avant de faire ensemble les premiers pas, modestes mais importants, nous sommes tous invités à nous poser personnellement ces questions :

Que signifie pour moi être chrétienne ou chrétien ? Comment est-ce que je vis ma foi au quotidien ?

C'est de cette foi vécue que devrait naître notre engagement. Que ce soit par la prière, par un bénévolat actif limité à une période clairement définie, par un soutien financier ou d'une autre manière : chaque contribution est précieuse.

Continuons à dialoguer, à rester unis dans la prière et à être ouverts à l'action de l'Esprit Saint. Car une paroisse vivante grandit là où les personnes partagent leur foi et prennent soin les unes des autres en assumant leurs responsabilités. Une invitation à participer à la prochaine étape sera communiquée prochainement.

Au nom de toute l'équipe paroissiale

Juntos a caminho de uma paróquia viva

Resumo da assembleia paroquial de 30 de setembro de 2026 em Merscheid

«O que posso fazer para tornar a vida da nossa paróquia mais viva e participativa?» Foi esta a pergunta que reuniu cerca de 70 pessoas na igreja de Merscheid. Em nome de toda a equipa paroquial, agradecemos de coração a todos pela participação ativa e pelo empenho demonstrado.

Esta assembleia foi um primeiro passo importante no caminho para uma Igreja sinodal – uma Igreja em que nos escutamos uns aos outros, refletimos em conjunto e assumimos responsabilidades. Perante as mudanças na sociedade, na política e nas condições financeiras, bem como a diminuição do número de fiéis e de vocações religiosas, a nossa paróquia enfrenta grandes desafios.

Depois de uma oração conjunta ao Espírito Santo, os participantes conversaram em pequenos grupos sobre aquilo de que a nossa grande paróquia precisa e sobre o contributo que cada pessoa pode dar. Houve também espaço para partilhar preocupações pessoais, dificuldades e esperanças. Nesta primeira fase, o mais importante foi escutarmo-nos uns aos outros, sem julgar.

Surgiram opiniões diferentes e, por vezes, até contrárias. Será agora necessário procurar aproximar essas ideias através de um diálogo respeitoso, tendo presente que nem todos os desejos poderão ser realizados.

Foi especialmente encorajadora a grande vontade de participar. Muitas pessoas manifestaram o desejo de ajudar ativamente a construir a vida da paróquia, colocando ao serviço de todos as suas capacidades e possibilidades. Isto dá-nos coragem e esperança! Por isso, agradecemos de coração a Deus e a todos os

participantes.

Antes de darmos juntos os primeiros passos, pequenos mas importantes, somos todos convidados a fazer uma reflexão pessoal:

O que significa para mim ser cristão ou cristã? Como vivo a minha fé no dia a dia?

É desta vivência da fé que deve nascer o nosso compromisso. Seja através da oração, de um trabalho voluntário ativo durante um período de tempo claramente definido, de apoio financeiro ou de outras formas: todas as contribuições são valiosas.

Continuemos a dialogar, unidos na oração e abertos à ação do Espírito Santo. Porque uma paróquia viva cresce onde as pessoas partilham a sua fé e assumem responsabilidades umas pelas outras. Em breve será divulgado um convite para participarmos na próxima etapa deste caminho.

Em nome de toda a equipa paroquial

Par Parc Our Saint-Nicolas

Kontakt: parc-our@cathol.lu

Jeannot Gillen – *Dechen a Moderator*
Dechenshaus – Presbytère
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

Diego De Lima – *Vicaire*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu

Jürgen Kusch – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

Communauté Obra de Maria:
Carlos Unterrichter de Melo
– Padre
661262063
carlos.unterrichter@cathol.lu

Tarcio Araùjo Ramos – *Padre*
661617764
tarcio.araujo@cathol.lu

Kräizgaass 16 – L-9807 Hosingen
Homepage:
https://cathol.lu/parc-our

Parbüro Veianen –
Bureau paroissial à Vianden
Mandy Hofmann – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

Dënsdes / mardi :	*09.00 / 12.00 Auer*
Mëttwoch / mercredi:	*09.00 / 12.00 Auer*
	16.00 / 18.00 Auer
Freides / vendredi:	*09.00 / 12.00 Auer*
	14.00 / 16.00 Auer

Atem holen aus GOTT

Das Gebet für Verstorbene

„Herr, gib ihnen die ewige Ruhe und das ewige Licht leuchte ihnen! Herr, lass sie ruhen in Frieden. Amen." Dieses auf das Urchristentum zurückgehende Gebet ist das bekannteste Totengebet in der katholischen Kirche. Es empfiehlt den Verstorbenen der Güte Gottes und bittet für ihn um Vergebung und Ruhe bei Gott. Gleichzeitig tröstet es die Trauernden, denn mit dem Verweis auf das ewige Licht erinnert es an die Hoffnungsbotschaft der Auferstehung. Die zwei Adressaten des Gebets zeigen die Ambivalenz, mit der Christen den Tod begegnen: Da ist die Trauer um den Verlust, um die Trennung und diese Trauer darf sein, ist kein Zeichen eines kleinen Glaubens; und da ist die Hoffnung auf Auferstehung und ewiges Leben bei Gott. Eine Hoffnung, die über den irdischen Horizont hinausgeht. Friedhof und Gottesacker: Der Ort, wo der Verstorbene Frieden findet und zugleich der Ort, an dem neues Leben seinen Anfang nimmt. Nicht Endstation, sondern Durchgang. Trennung nur auf Zeit.



Foto: Michael Tillmann

Massbestellungen

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schréftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de Vianden/ CGP n°6/Fe n°14:
Titulaire: « KIERCHEFONG/VIANDEN »
Kont: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000

Fabrique d'église communale de Parc Hosingen / CGP n°6/Fe n°12:
Titulaire: « KIERCHEFONG/PARC HOSINGEN »
Kont: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de Pütscheid / CGP n°6/Fe n°13:
Titulaire: « KIERCHEFONG/Merscheid/Vianden »
Kont: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de Tandel / CGP n°6/Fe n°15:
Titulaire: « KIERCHEFONG »
Kont: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:
Titulaire: « KIERCHEFONG C.T. / PARC OUR »
Kont: BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000

Gottesdéngschtuerdnung

30. Sonndeg am Joreskrees A

Kiermes zu Pëtschent

1. Lies.: Ex 22, 20-26; 2.Lies.: 1 Thess 1, 5c-10; Ev.: Mt 22, 34-40

« Un dësen zwee Geboter (Gottesléift an Nächsteléift) hänkt dat ganzt Gesetz an och d'Prophéiten » *(Mt 22,34)*

Déi dräi Deeler vum doubelen Haaptgebot vun der Gottes- an Nächsteléift bedeiten eng Erausfuederung fir eist Glawensliewen. D'Gebot vun der Léift zum Herrgott lued äis dozou an, eng déif perséinlech Bezéiung zum Herrgott ze entwéckelen an ze fleegen, wéi een se mat engem Partner oder gudde Frënd fleegt a verdéift. D'Gebot vun der Nächsteléift fuerdert äis dozou eraus, net auszewielen, mee all Nächsten, bekannt a friem, esou ze behandelen, wéi mir selwer behandelt wëlle ginn. Den Zousaz » wéi dech selwer » ass net nëmmen e Moossstaf, mee bedeit och, datt mir e gesond, guttgesënnten a kritescht Selbstwäertgefill entwéckelen, dat äis et erlabt, déi aner als äis gläichwäerteg ze gesinn an si wierklech gär ze hunn.

Samsdeg, 24.10.2026		**Heiliger Antonius Maria Claret,** *Bischof von Santiago in Kuba, Ordensgründer (+ 1840)*
Holztem	18:00	Mass als 1. Joermass fir Chantal Baustert-Peters
Branebuerg	19:00	Mass
Sonndeg, 25.10.2026		
Pëtschent	09:00	**Kiermesmass**, Mass fir Claude Nosbusch a Famill
Houschent	09:15	Mass
Housen	10:30	Mass als 4. Joermass fir Catherine Oberlinkels-Majerus
zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Veianen-TK	10:30	Houmass fir Francisca Rodrigues Sousa Silva
zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Méindeg, 26.10.2026		
Veianen-SA	10:15	Mass

Dënsdeg, 27.10.2026

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Mëttwoch, 28.10.2026 **Heiliger Simon und Heiliger Judas Thaddäus,** *Apostel*

Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Bëttel	18:00	Mass

Donneschdeg, 29.10.2026

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Freideg, 30.10.2026

Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Veianen-TK	20:00	Concert vun der Kammerata

Allerhellgen-Toussaint

Kollekte: « Für die sozialen Werke der Erzdiözese »

1. Lies: Offb 7, 2-4.9-14; 2. Lies.: 1 Joh 3, 1-3; Ev.: Mt 5, 1-12a

« Glécklech déi, déi Honger an Duuscht hunn no Gerechtegkeet, well si gi gesiedegt. » *(Mt 5,6)*

Mir hunn alleguer e Sënn fir Gerechtegkeet a mir verlaangeren duerno. Mee eis Hoffnung op Gerechtegkeet gëtt oft am Klengen an am Groussen enttäuscht. Mir sinn dann an der Versuchung, eist Striewen no Gerechtegkeet opzeginn an ze resignéieren. De Jesus invitéiert äis an de Séilegpreisungen dozou, eisen Honger an Duuscht no der Gerechtegkeet net opzeginn, jo, esouguer bereet ze sinn, fir si Verfolgung op äis ze huelen. Well mir sinn net eleng. Hien ass mat äis. Hien huet dat Béist schonn iwwerwonnen a steet äis bäi mat der Kraaft vu sengem Geescht. Um Enn setzt d'Gerechtegkeet vu sengem Räich sech duerch. Loosse mir äis dofir mat deene ville Märtyrer vum Ufank vun der Kierch u freeën, fir d'Gerechtegkeet a fir eise Glawen un de Jesus Schmooch a Verfolgung op äis ze huelen. Dat echt Gléck vum Herrgott sengem Räich, dat äis fir ëmmer erfëllt, ass äis dann sécher.

Samschdeg, 31.10.2026 **Heiliger Wolfgang,** *Bischof von Regensburg (+ 994)*

Roudersen	16:00	Mass fir Antoine Schmitz a fir d'Eheléit Schmitz-Geisen

Roudersen	17:00	*Griewerseenung*
Näidsen	16:00	Mass
	17:00	*Griewerseenung*

Sonndeg, 01.11.2026

Bëttel	09:00	Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Petry-Sauber; Mass fir d'Famill Goebel-Schaltz
	10:00	Griewerseenung
Wuelessen	09:00	Mass fir d'Verstuerwe vun de Famillen Serres-Wilmes a Heinen-Huss; Mass fir Marcel Serres, an d'Famillen Serres-Schmitz a Clees-Mangers; Mass fir Valy a Martha Baustert-Bourgmeyer, Famille Baustert-Braun, Mariette Baustert a Chantal Baustert-Peters
	10:00	Griewerseenung
Mierschent	09:00	Mass fir Mariechen a Albert Mollitor-Simon
	10:00	Griewerseenung
Grooljen	10:15	Griewerseenung
Housen	10:30	**Kannerwuertgottesdéngscht**
Houschent	10:30	Mass fir Roby Burg a Marichen Burg-Godart; Mass fir Josy Schroeder an fir d'Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer
	11:30	Griewerseenung
Veianen	10:30	Mass fir d'Famill Liefgen-Diederich
Nuechtmannescht	10:45	Griewerseenung
Weller	11:15	Griewerseenung
Houschter-Déckt	11:45	Griewerseenung
Baastenduerf	15:00	Mass fir Henri Schartz a Famill; Mass fir Jean-Pierre Miller an d'Familljen Miller, Wolff a Meyers
	16:00	Griewerseenung
Konstem	15:00	Mass
	16:15	Griewerseenung

Stolzebuerg	15:00	Mass, uschléissend Griewerseenung, Mass fir Nadine Willems, Ady, Tilly, Aloyse, Blanche a Tom Rausch an fir Walter a Anna Spartz, Mass fir Jean Heinen, Fernand a Charlotte Heinen-Wagener, Norbert a Anna Heinen-Nosbusch a Lily Liefgen-Heinen, Mass fir Léon a Maria Kugener-Hausemer, Mass als 6. Wochemass fir Antoine Nosbusch, Mass fir Tilli a Nic Groeff-Trausch
Holztem	16:45	*Griewerseenung*
Bivels	16:45	*Griewerseenung*
Veianen-TK	18:00	Missa do Dia de Finados

Allerséilen – Commérmoration des fidèles défunts

1. Lies.: Jes 25, 6a.7-9; 2. Les.: 2 Kor 51.6-10; Ev.: Joh 6, 37-40

Dat hei ass de Wëlle vu mengem Papp: datt jiddereen,
deen de Jong gesäit an un hie gleeft, éiwegt Liewen huet,
an datt ech hien operstoe loossen op Jëngsterdag *(Joh 6,40)*

Eise Papp am Himmel huet äis all gär. Hien wëllt kee vun äis verléieren. Hien wëllt äis all fir ëmmer bei sech hunn. De Jesus deelt dëse Wëlle vu sengem Papp ganz. Dofir ass hien an d'Welt komm an een vu äis ginn. Dofir huet hien fräiwëlleg Leiden an Doud op sech geholl an ass aus dem Doud operstanen. Dat ass äis Hoffnung, eise Glawen an eisen Trouscht, wa mir haut un eis Verstuerwen denken : datt mir emol fir ëmmer mat hinne beim Herrgott sinn.

Méindeg, 02.11.2026

Branebuerg	10:00	Mass, *uschléissend Griewerseenung,* Mass als Stg. fir Marie Cath. Mossong
Furen	10:00	Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer a fir Nic Karier a Marie Mossong, Mass fir d'Famill Muller-Haag, Srs. Josette a Renée Muller, Mass als Stg. fir d'Famille Ley-Faltz
	11:00	*Griewerseenung*

Housen	10:00	Mass fir Aloyse a Eugénie Rossler-Bram, Mass fir René Spaus an all Verstuerwe vun der Famill Spaus-Reiff
	11:00	*Griewerseenung*
Housen	11:45	*Seenung vum Bëschkierfecht*
Boukels	11:45	*Griewerseenung*
Laaschent	11:45	*Griewerseenung*
Eesbech	15:00	Mass als 6 Wochemass fir Elisabeth Grün
	16:15	*Griewerseenung*
Veianen	15:00	*Griewerseenung*
Dënsdeg, 03.11.2026		**Heiliger Hubert,** *Bischof von Lüttich (+ 727)* **Heiliger Martin von Porres,** *Ordensmann (+ 1639)* **Heiliger Pirmin,** *Abtbischof, Glaubensbote am Oberrhein (+ 753)* **Seliger Rupert Mayer,** *Priester (1876-1945)*
Veianen-SB	10:30	Gedenkmass fir d'Verstuerwe vum Joer
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 04.11.2026		**Heiliger Karl Borromäus,** *Bischof von Mailand (+ 1584)*
Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Donneschdeg, 05.11.2026		
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Laaschent	19:00	Mass
Freideg, 06.11.2026		**Heiliger Leonard,** *Einsiedler von Limoges (+ 6. Jht.)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu

32. Sonndeg am Joreskrees A

1. Lies.: Weish 6, 12-16; 2. Les.: 1 Thess 4, 13-18; Ev.: Mt 25, 1-13

« Här, Här, maach äis op ! » *(Mt 25,10)*

Déi Jongfraen, déi net prett waren, wéi de Bräitchemann komm ass, stinn domm do virun der zougespaartener Dier. A si kréien eng ofweisend Äntwert : Ech kennen iech net. Si hunn eng wichteg Begéinung an hirem Liewe verpasst, déi hinne vill Freed bruecht hätt. Trotz hirer Méi fir Ueleg ze kafen, sinn si ze spéit komm. Dat ass elo net méi guttzemaachen. Mat sengem Gläichnes warnt de Jesus äis, eis Begéinung mat him net ze verpassen, déi äis d'Freed vu sengem Räich bréngt. Dofir musse mir opmirksam sinn fir seng Präsenz an eise Schwësteren a Bridder, besonnech deenen, déi an Nout sinn. Säi Liicht, dat mir an eiser Daf empfaangen hunn, däerf net ausgoen. Soss ass säin Ebenbild an äis net méi ze erkennen a mir kënnen net mat him a säi Räich goen, dat hien fir äis virbereet huet.

Samsdeg, 07.11.2026 **Heiliger Willibrord,** *Glaubensbote, Zweiter Patron der Luxemburger Erzdiözese (+ 739)*

Sonndeg, 08.11.2026

Furen	09:00	Mass zu Éier vum hellegen Willibrord, Mass als 1. Joermass fir François Rodesch
Mierschent	09:00	Mass zu Éier vum hellegen Hubertus an fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun der Chorale "Saint Hubert", Mass als 6. Wochemass fir Christiane Hardt-Lux, Mass fir Anna a Mich Schaul-Meier
Housen	10:30	Mass zu Éier vum hellegen Willibrord
zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Veianen-TK	10:30	Houmass zu Éier vum hellegen Willibrord, Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Jacobsen-Becker, Mass als Stg. fir d'Familljen Leider-Kremer a Leider-Lotzkes

Méindeg, 09.11.2026		**Weihedag vun der Lateranbasilika**
Veianen-SA	10:15	Festmass zu Éier vum Hellegen Willibrord, gesonge vun der Chorale vu Furen
Dënsdeg, 10.11.2026		**Heiliger Leo der Grosse,** *Papst, Kirchenlehrer (+ 461)*
Veianen-SB	10:45	Mass fir Claude Decet
Holztem	10:45	Mass
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 11.11.2026		**Heiliger Martin, Bischof von Tours (+ 397)**
Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Bëttel	18:00	Mass
Donneschdeg, 12.11.2026		**Heiliger Josaphat,** *Bischof von Polozk, Märtyrer (+ 1623)*
Iechternach	15:30	**Pilgermass** fir den Dekanat Norden
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Freideg, 13.11.2026		
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

33. Sonndeg am Joreskrees A

Weltdag vun deenen Aarmen
Kiermes zu Tandel

1. Lies.: Spr 31, 10–13.19–20.30–31; 2.Lies.: 1 Thess 5, 1-6; Ev.: Mt 25, 14-30

« Bei deem bëssche waars du zouverléisseg,
duerfir wëll ech dech och asetzen iwwer villes. Komm, free dech mat mir ! *(Mt 25,21b)*

Den Herrgott vertraut äis vill Gowen an Talenter un. Loosse mir dankbar fir säi Vertraue sinn a couragéiert domat schaffen. Da kënne mir vill gutt Friichte fir säi Räich a fir eis Matmënsche bréngen. Esou kënne mir och d'Angscht iwwerwannen, ze versoen a falsch domat ëmzegoen. Loosse mir den Herrgott ëm e generéist Häerz bieden, dat op ass fir säi Ruff an de Ruff vun eise Matmënschen. Da kënne mir a seng Freed agoen.

Samsdeg, 14.11.2026

Housen	18:30	Missa em Portugûes

Sonndeg, 15.11.2026

Stolzebuerg	09:00	Mass zu Éier vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun der Chorale "Saint Cecile", Mass fir d'Famill Lipperts-Rohen
Tandel	10:30	**Kiermesmass**, *uschléissend Griewerseenung*
Housen	10:30	Mass
Zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Veianen-TK	10:30	Houmass für alle Anliegen ewiger Stiftungen
Housen	17:00	**Martinsfeier**

Méindeg, 16.11.2026 **Heilige Margareta,**
Königin von Schottland (+ 1039)

Veianen-SA	10:15	Mass
Holztem	10:45	Mass

Dënsdeg, 17.11.2026 **Heilige Gertrud von Helfta,**
Ordensfrau, Mystikerin (+ 1302)

Veianen-SB	10:45	Mass
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Mëttwoch, 18.11.2026 **Weihetag der Basiliken St. Peter und St. Paul zu Rom**

Housen	10:00	Mass fir René Spaus a Famill *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Stolzebuerg	19:00	ODO Sonoritas

Donneschdeg, 19.11.2026 **Heilige Elisabeth,**
Landgräfin von Thüringen (+ 1231)

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Freideg, 20.11.2026

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Leschte Sonndeg im Joreskrees A

Héichfest vu Christus, dem Kinnek a Cäciliendag

1. Lies.: Ez 34, 11-12.15-17a; Lies. 1 Kor 15, 20-26.28:; Ev.: Mt 25, 31-46

« Kommt, déi dir vu mengem Papp geseent sidd, dir ierft d'Räich, dat fir iech virbereet ginn ass »

De Jesus riicht net iwwer äis no eisen Erfolleger an Erkenntnisser, ma no eiser Fähegkeet, deenen Armen, Kranken, Friemen a Gefaangenen ze déngen. All Geste vu Léift, och dee Klengsten, gëtt zu enger Plaz vun der Begéinung mam Herrgott. D'Gläichgültegkeet dogéint mécht eis Häerz zou fir seng Presenz. D'Opmierksamkeet an eisem Alldag fir déi, déi hien op eise Wee stellt, gëtt fir äis e Seegen, deen äis a säi Räich féiert.

Gedanken vum Dag

Samschdeg, 21.11.2026		**Gedenktag Unserer Lieben Frau in Jerusalem** *(Mariä Opferung)*
Houschter-Déckt	10:30	**Daf** vum Juliano Lima Lopes
Baastenduerf	18:30	Virowendmass zu Éiere vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun de Chorale Branebuerg-Laaschent a Baastenduerf, Mass als 3. Joermass Romain Lentz
Wuelessen	19:00	Virowendmass zu Éier vun der helleger Cäcilia fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun de Chorale vun Eesbech a Wuelessen Mass fir Jean Keilen an Barbe Dockendorf a fir Mich a Paul Keilen
Veianen-TK	19:00	Missa em Portugûes
Sonndeg, 22.11.2026		**Cäciliendag**
Furen	09:00	Mass zu Éier vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Membere vum „Sängerbond Furen“
Houschent	09:15	Mass zu Éier vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Membere vun der Chorale „Saint Cecile“

Housen	10:30	Mass zu Éier vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun de Choralen „Saint Cecile“ an der „Houser Musik“
Zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Veianen-TK	10:30	Houmass zu Éier vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun der „Chorale Trinitaire“ an der „Veiner Musik“ a besonnech fir Pierre Scheidweiler, Felix Bassing, Jean Heinen a Jhemp Fandel, gesonge vun der Chorale Trinitaire, Mass fir Pierre Scheidweiler, Mass als Stg. fir d’Verstuerwe vun der Famill André Schmit-Clees
Méindeg, 23.11.2026		**Heiliger Klemens I.,** *Papst, Märtyrer (+ 101)*
Veianen-SA	10:15	Mass
Dënsdeg, 24.11.2026		**Heiliger Andreas Dung-Lac,** *Priester und Gefährten, Märtyrer in Vietnam (+ 17.-19. Jht.)*
Veianen-SB	10:45	Mass
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 25.11.2026		**Heilige Katharina von Alexandrien,** *Jungfrau, Märtyrerin (+ 4. Jht.)*
Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Bëttel	18:00	Mass fir Léon Petry
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Donneschdeg, 26.11.2026		**Heiliger Konrad und Heiliger Gebhard,** *Bischöfe von Konstanz (+ 10. Jht.)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Longsdref	19:00	Mass fir Jean-Pierre Theis
Freideg, 27.11.2026		
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Ufank vum néie Kirchejoer am Joreskrees B

1. Adventssonndeg

1. Lies.: Jes 63, 16b-17.19b; 64, 3-7; 2. Lies.: 1 Kor 1, 3-9; Ev.: Mk 13, 33-37

« Wat ech iech awer soen, dat soen ech fir s'alleguer : Waacht ! » *(Mk 13,37)*

Den Advent ass d'Zäit vun der Opmierksamkeet fir den Herrgott, dee bei äis kënnt. Vun äis eleng aus si mir net fäheg, richteg ze waachen. Ma mir kënnen op dem Herrgott seng Trei zielen. Dat Waachen, zu deem de Jesus äis encouragéiert, besteet dofir doranner, äis senger Guttheet unzevertrauen a vun him Hëllef an der Trauer an an der Angscht ze erwaarden. De Jesus hëlleft äis, bis zum Schluss am Glawen an an der Hoffnung duerzehalen.

Samschdeg, 28.11.2026

Branebuerg	19:00	Mass fir Raymond Wahl

Sonndeg, 29.11.2026

Stolzebuerg	09:00	Mass
Housen	10:30	Mass
Zur selwechter Zäit:		**Kannerwuertgottesdéngscht**
Veianen-TK	10:30	Houmass fir d'Famill Junker-Bauer, Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Jacobsen-Becker

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:

4. November 2026 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

Parbréif	***Period***	***Redaktiounsschluss***
Nr. 08/2026	28.11.2026-24.01.2026	04.11.2026

Reli-Elli





ODO SONORITAS

Église Saint-Odon à Stolzembourg

Mercredi **18.11.26**

chant grégorien

19:00 **Chorale Municipale LYRA Ettelbruck**

musique contemporaine

20:00 **Noise Watchers feat.:**

Arthur Stammet, Claude Lenners, Maurice Clement, cantoLX

Yasmine Leches, Dno Ajdarpasic, Laurent Lemaire ***trombones***

installation

16:00–18:30 **Odo between Yin and Yang**

Installation by Arthur Stammet

Entrée libre

Christmas Market

Hello! Do you like me? Then come check our stalls on November 4th and 5th November from 13 to 19:30 at Nikolskierch in Vianden!





Crochet



Knitting



Jewlery



Candles



Paintings

Adventsmoort

vuan de Fraen a Mamme Veinen

am ale Pompjeesbou op dee Gare



Freides, den 20.11 em 17 Auer
Samsdes, den 21.11 em 14 Auer
Sonndes, den 22.11 em 12 Auer

Adventsarrangementer

Dir kënnt och am virous besteelen a reservieren

Tel 691 84 93 98 udder 661 80 17 17
Glühwéin – Hotapérol
Goulaschzopp – Kurbiszopp asw

Kaffisstuff mat Gebiks – Wafelen






den Erlis geet selbstverständlich
erem ua gout Zwecker
an dest Jor uan
La Chaine de l'Espoir

Merci am Virous.
Mir fräen is op Äre Besouch

31. Oktober 2026 um 20h00 an der Kierch zu Stolzebuerg
D´Kulturkommissioun invitéiert Iech op een Halloween-Owend
Et gin Wierker iwert den Doud gespillt.



Nom Concert gëtt et eng Kürbiszopp!

MUSIC DAYS
VIANDEN

Concert à l'eglise des Trinitaires

30.10.2026 - 20h00



Musiques funèbres

Schütz, Morley & Purcell

Ensemble Vocal du Luxembourg
Direction : Matthias Rajczyk
Sacqueboutes du Nord (Daniel Serafini)

Kammerata Luxembourg
Paul Kayser, orgue

Heinrich Schütz, So fahr ich hin &
Selig sind die Toten

Thomas Morley, Funeral Sentences

Heinrich Purcell, Funeral Music for Queen Mary

Plusieurs oeuvres pour orgue viendront compléter le programme

Tickets & Info

Kammerata Luxembourg · Ville de Vianden · Vianden Castle · Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, Ministère de la Culture · Visit Luxembourg

Paroisse
Parc Our Saint-Nicolas
ARCHIDIOCÈSE DE LUXEMBOURG

« Recevez l'Esprit Saint et soyez mes témoins »
(Ac 1, 8)

Confirmation

S'ENGAGER | GRANDIR | TÉMOIGNER



LES INSCRIPTIONS POUR LA PRÉPARATION À LA CONFIRMATION SONT OUVERTES !

POUR QUI ?
Jeunes et adultes à partir de **15 ans**

LANGUES PROPOSÉES
Français, luxembourgeois et portugais

UN PARCOURS POUR AUJOURD'HUI
Rencontrer le Christ, approfondir sa foi, partager, prier et devenir témoin.

DÉROULEMENT
Les rencontres commenceront **en novembre.** Les dates seront communiquées aux inscrits.

DATE LIMITE D'INSCRIPTION :
30 OCTOBRE 2026

TOUS LES INTÉRESSÉS SONT INVITÉS
À CONTACTER LA PAROISSE PARC OUR SAINT-NICOLAS
POUR PLUS D'INFORMATIONS :

45, Grand-Rue
L-9410 Vianden
Luxembourg

Tél. 834113

parc-our@cathol.lu